

Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Déi gréng wëlle fir d'éischt all de Servicer a besonnesch dem Claude Freichel Merci soen fir d'Opstellen vum Budget. Och e Merci un de Gilbert Haag, den Jean-Marie Pandolfi an un eisen zukünftigen Secrétaire de Richard Scharll, déi dëst Joer méi intensiv an der Opstellung vum Budget mat involvéiert waren.

Mir liewen de Moment an onsécheren Zäiten. Bedéngt duerch déi Kris an där mir eis de Moment befannen, ass et ëmsou méi schwéier fir en equilibréierte Budget op Been ze setzen.

Mir wëllen e puer allgemeng Remarken zum Budget rectificié 2020 an dem Budget 2021 maachen

Viraussiichtlech ginn 2020 15.4 Mio méi ausginn ewéi mir iwwert d'Recetten erakritt hunn, mä den Iwwerschoss vun deene Joren virdrun hëlleft eis d'Effeten vun der Kris ze verzögeren sou dass mir fir d'Joer 2020 nach gutt do stinn.

2021 wäerte mir den ugesammelten Iwwerschoss aus deene Joren virdrun awer bal ganz opbrauchen. Mä mir wäerten och an deem Joer nach e positive Bilan hunn, esou dass mir och d'nächst Joer nach iwwerstinn.

Eisen Investitiounsbudget wäert awer ab 2022 staark erof goen, esou dass mir elo schonns mussen decidéieren, ob mir verschidde geplangten Projete solle fale loossen oder verzögeren, oder mir et a Kaf huelen an Zukunft en Emprunt ze maachen.

De Moment ass eis Verschëldung extreem niddreg a läit bei 421 € pro Kapp, dëst well d'Gemeng et fäerdeg bruecht huet déi lescht Joren, wéi scho gesot, ëmmer en Iwwerschoss ze hunn an domat nei Investitiounen an Moderniséierungen vun der Gemeng konnt maachen ouni mussen op en Emprunt zrëckzegräifen. Dëst natierlech och bedéngt duerch Subsiden vum Staat am Kader vun der Fusioun. All dës Investissementer kommen der Zukunft vun eiser Gemeng zegutt.

Wa mir lo den Detail vum Budget kucken, fanne mir de Budget gutt opgesat, an dass en allen Domainer Rechnung dréit. Hei just e puer Remarken zum Detail:

Zum ordinären Budget:

Obwuel mir fir d'Joer 2020 viraussiichtlech 6 Mio manner vum Staat kréien, hu mir an eiselem ordinären Budget nach en Iwwerschoss vun 7.9 Mio. Hei mécht sech déi virsiichteg Virgoensweis wéi de Budget initial opgesat war bezuelt. Och an deenen Joren virdrun war den Iwwerschoss am ordinäre Budget ëmmer méi héich am Compte ewéi initial ugesat. Well nach net genau gewosst ass wéi héich Dotatiounen dëst Joer wäerte sinn, mussen mer kucken op de Compte schlussendlech manner negativ ausfällt wéi am Budget virgesinn.

Och fir 2021 bleiwe mer hei am positive Beräich am ordinäre Budget, esou dass d'Gemeng nach en Iwwerschoss huet fir weider ze investéieren.

Ordinär Depensen

Déi ordinär Depensen sinn an deenen leschte Joren steeteg an Lut gaangen. Vu dass mir net wëssen ob d'Kris vun dësem Joer wäert méi oder manner laang unhalen, oder wéi schnell eist Land sech vun dëser Wirtschaftskris wäert erhuelen, mussen mir dës Depensen am A behalen

Masse salariale

Mir kucken ewéi all Joer op d'Masse salariale, déi e groussen Deel vun dësen Depensen ausmécht. Masse salariale ass déi leschte Joren weider an Lut gaange. De % vun den ordinären Depense bleift awer gläich, obwuel eng Rei nei Posten am Joer 2020 geschaaft gi sinn: Fir 2019 louche mir op 46.8 % an 2020 viraussichtlech op 46.2 % vun den ordinären Depensen.

Mir begréissen et awer ausdrécklech, dass verschidde Servicer verstärkt gi sinn. Och de Posten vun enger neier Persoun déi zoustänneg gëtt fir d'Chantiers- an Energiepass-Kontrollen, deen mir d'lescht Woch gestëmmt hunn, schéngt eis wichteg fir de Responsabilitéiten vun der Gemeng nozekommen. Dëse Posten wäert awer och bäi der Zertificatioun am Kader vum Klimapakt weiderhëllefen.

Dëst bréngt awer mat sech dass d'Masse salariale och am Joer 2021 weider wäert steigen. Trotzdeem leit fir 2021 de Prozentsaz zur Zäit just bei 44.2%. Dëse % wäert awer nach usteigen, well d'ordinär Depensen, wéi mir et aus deenen leschte Joren kennen, am Compte ëmmer méi niddreg louchen ewéi initial ugesat, d'Masse salariale awer gläich bleift.

Soziales:

Besounesch ervirsträichen wëllen déi gréng awer de Supplement vun 20% bei der Allocatioun vie chère am Joer 2020, deen gehollef huet, de sozial méi schwache Bierger a Krisenzäiten ënnert d'Ärem ze gräifen. Dëse Supplement war gestëmmt ginn, nodeems um nationale Niveau d'Allocatioun vie chère fir dëst Joer an Lut gesat gi war. Mir hoffen dass mir dëse Geste widderhuelen, wann d'Regierung, esou wéi et ausgesäit, seng Erhéijung och fir 2021 wäert weiderféieren.

Informatikkäschten:

Och an d'Informatik gëtt vill investéiert wat an eisen Aen immens wichteg ass. Am Zäitalter vun der Digitalisatioun muss d'Gemeng sech an dësem Beräich moderniséieren, fir hirer Responsabilitéit de Bierger géigeniwwer gerecht ze ginn a fir hinnen Informatiounen méi séier méi no ze bréngen, net zulescht och fir nohalteg ze fonctionéieren. E wichtige Schratt ass hei Gemengen-App, déi 2020 an d'Liewe geruff ginn ass. D'Informatik ass eng Vereinfachung souwuel fir de Bierger ewéi och fir d'Administratioun, sou dass mir hoffen dass och an Zukunft nach méi Onlineservicer ugebueden, respektiv ausgebaut ginn.

Mir sinn och frou dass virgesinn ass dass d'Gemeng weider d'Kooperatioun ënnerstëtzt duerch de Projet "WAWEH" vun "eng open Hand fir Malawi" an de Projet "ARFA" vun der "Action Solidarité Tiers Monde".

Recette par Rapport zu den ordinären Depensen

Mir gesinn, dass beim Waasser a beim Ofwaasser dem Prinzip vum Pollueur-Payeur Rechnung gedroen ass. Am Kader vun deenen groussen Investissementer an d'Kläranlagen, muss een am A behalen op dëse Prinzip, ewéi Gesetz e virgesäit och weider respektéiert ass. Dëst soll also reegelméisseg iwwerschaft ginn.

Am Joer 2021 soll en neit Offallgesetz kommen wat eventuell mat sech bréngt, dass eist Müllkonzept muss iwwerschaft ginn. Dës Geleeënheet soll een dann och notzen fir hei de "principe pollueur payeur" ze iwwerpräiwen, respektiv fir Taxen nei ze evaluéieren.

Zu den extraordinären Depensen

Do gesäit een, dass d'Gemeng weider an d'Zukunft investéiert an dëst an all senge Lokalitéiten. D'Investitiounen fir 2021 sinn héich ugesat. Et gëtt net nëmmen systematesch an d'Erneuerung vun de Reseauen a Voirie investéiert, mee och an nohalteg längerfristeg Projeten wie Schoulen a Maison Relais, sou wéi an eng Verbesserung vun der Liewensqualitéit an der ganzer Gemeng duerch Schafen vun Lieu de rencontre a Parken. Mir gesinn all dës Investitiounen als extrem wichteg un, sou dass mir de Moment der Meenung sinn dass een déi virgesinne Projeten soll weiderféieren.

An dësem Sënn kann e verschidde Projeten ervirhiewen déi weisen dass d'Gemeng säit Joren an all eis Uertschaften investéiert:

Gite an der aler Schoul zu Lénger wat dem Tourismus an der Gemeng ze gutt kënnt. Et ass och berouegend ze wëssen, dass et e Plang B gëtt, falls de Gite am Kader vum RedRock Trail net soll zustane kommen.

Spillplazen bei de Schoulen op Aker, zu Uewerkäerjeng an zu Kënzeg am Sënn vun eise Kanner

Park zu Uewerkäerjeng an Alentouren am Zentrum vu Kënzeg, souwéi an Zukunft de Park bei deenen alen Tennisterraine zu Käerjeng fir Liewensqualitéit am Duerfkär ze verbesseren

Eng nei Spillschoul zu Käerjeng fir déi nächst Generatiounen, nodeems déi nei Spillschoul zu Kënzeg scho fäerdeg ass

En neien Zentrum mat Festsall zu Kënzeg, nom Treff zu Käerjeng, souwéi en neie Projet fir de Bommertbësch fir Veräins- an Duerfliewen ze fërderen

Investitiounen an Sportsinfrastrukturen souwuel zu Käerjeng ewéi zu Kënzeg

De Kaf vun Terrainen a Gebailechkeeten an deenen verschidden Uertschaften fir eng Verbesserung vum Gemeengepatrimoine

Wieder Projekte sinn eis als déi gréng wichteg:

Et ginn 2 Milliounen an d'Kläranlagen investéiert. Des Investitiounen hëllef enger Verbesserung vun der Qualitéit vun eisen Iwwerflähegewässer bäizedroen

Investitiounen an de Stroossebau mam grouse Projet Boulevard Kennedy, deen schonns laang iwwerfällleg war, a wou den Trottoir an de Vëloswee der Mobilité douce zu gutt kommen

Investitioune am Beräich vum soziale Wunnensbau duerch Instandsetzen vun der Villa Bofferding wou Logementer fir Jonker ageriicht ginn, Aarbechten, déi dëst Joer fäerdeg gi sinn, Schafen a Renovéieren vu Sozial-Logementer a vu Logementer fir Refugiéen.

D'Aarbechten am Scoutschalet zu Kënzeg sinn ofgeschloss, wat e plus fir d'Veräinsliewen vun de Kanner a Jugendlecher ass.

Mier begrëssen et dass eis Gemeng bei ESCH 2022 matmécht, mat Projeten déi net nëmmen flott gestallt sinn, mä och op Nohaltegkeet ausgeluecht sinn. D'Recherchen zum Brauchtum vum Buergbrennen kennen spéider sécher weiderverwärt ginn an de Salon des Saveurs kann als lokale Maart weidergefouert ginn.

Eng Etude fir en neit Parkraumkonzept fir eng besser Liewensqualitéit a verschidde Quartieren ze garantéieren

Ausschaffen vun engem Plans directionnels wou Signalisatiouns-Schëlter inneruerts, esouwuel fir de motoriséierte Verkéier, grad ewéi fir Foussgänger opgestallt ginn, wat bestëmmt der Mobilitéit douce zegutt kënnt

Ofrappen vu Gebaier am Kader vun der "Economie circulaire", sou dass aalt Material nei verwent ka ginn.

Iwwergräifend ordinär extraordinär

Klimapakt

Vun de Recetten, déi duerch de Klimapakt an de Gemengebudget agefloss sinn, sinn am Joer 2020 duebel sou vill Subventiounen un Bierger bezuelt gi wei am Joer virdrun, wat sécherlech och duerch eng periodesch Sensibiliséierung vun de Bierger an duerch d'Ausschaffen vun enger Umweltcharta fir Bierger kënnt. Am Joer 2019, wou keng Sensibiliséierungscampagne stattfonnt hat, waren déi un Bierger ausbezuelten Subventiounen aussergewöhnlech niddereg. Mir hoffen dass am nächste Joer nei Aktiounen mam Energiepark Reiden a mat myenergy ausgeschafft ginn, déi vum Klimapakt finanzéiert ginn..

Och mat dese Recette finanzéiert gi sinn:

Vëlos-boxen zu Kënzeg,

Eng Photovoltaik-Anlag um Hall bei eisen Ateliers Communaux

De Start vun engem Gemeinschaftsgaart, deen Zesummeliwwen vun de Matbierger fërdert

Dësweideren gëtt vum Klimapakt-Budget am Joer 2021 de Surplus vun de Käschten iwwerholl, fir dass am Schoultransport zwee Elektrobusser am Plaz vun Dieselbusser fueren. Déi sollen d'nächst Joer nieft dem Pedibus a Vëlobus agesat ginn, sou dass mer um gudde Wee sinn a Richtung CO2- fräien Schoultransport.

Wat de Klimapakt ugeet, gëtt 2021 en Transitioonsjoer. En neit Gesetz iwwert de Klimapakt 2.0 ass am gaangen ausgeschafft ze ginn. Mir ginn dovun aus, dass mir als Gemeng och hei erëm matmaachen a sinn gespaant wéi mir bei deem neien Punktekatalog wäerten ofschneiden an ob mer d'Héicht vun de Recetten kënnen halen.

Naturpakt a Sicon

2021 gëtt och den Naturpakt vum Staat an d'Liewe geruff, do ass d'Gesetz och an der Maach. Deenen Gréngen schénge et sënnvoll och dese Pakt mam Staat ze ënnerschreiw. Hei géifen sech all déi Efforten ausbezuelen, déi d'Gemeng an deenen leschte Joren am Beräich aktiven Ëmweltschutz gemaach huet. Mir sinn der Meenung dass dëst eng nei an interessant Recette fir eis Gemeng ka sinn. An der Zertifizéierung am Kader vum Naturpakt ginn all d'Naturflächen an der Gréngzone, an der Uertschaft an am Bësch ugerechent. Vu dass Gemeng aktiv mat senger Gaardenequipe an an Zesummenaarbecht mam SICONA de Naturschutz an deenen leschte Joren gefërdert huet duerch Creatioun an Ënnerhalen vu Biotopen, souwéi de Kaf vun naturnoe Flächen, hu mir d'Méiglechkeet bei der Zertifizéierung gutt ofzeschneiden.

Mir si frou am Budget ze gesinn, dass Gemeng weiderhin an den Naturschutz well investéieren.

Da kommen ech zur Conclusioun

De Fait, dass den Iwwerschoss vum Compte 2019 par Rapport zum Initiale Budget méi héich louch, sou wéi déi Joren virdrun.

De Fait, dass den Iwwerschoss aus dem Budget rectifié 2020 erof gaangen ass, mä mir nach ëmmer zum Schluss en Iwwerschoss hunn.

De Fait, dass mir eng nach gesond Finanzsituatioun an der Gemeng hunn, obwuel d'Dotatioun vum Staat erof gaangen ass

De Fait, dass d'Pro Kapp-Verschëldung extrem niddereg ass well Gemeng et fäerdeg bruecht huet, an deenen leschte Joren vill ze investéieren ouni en Emprunt ze maachen.

De Fait, dass Investitiounen fir 2021 héich ugesat sinn, obwuel eventuell net all Projeten 2021 kënnen ëmgesat ginn, an de Budget virsiichteg opgebaut ass an awer nach e positiivt Resultat um Enn vum Joer ze verzechnen ass

De Fait, dass mer e Budget mat héijen Ambitiounen presentéiert kruten, dee Käerjeng wäert weider bréngen, an all sengen Uertschaften zegutt kennt.

De Fait, dass Gemeng an eng modern an nohalteg Zukunft investéiert

De Fait, dass mir der Meenung sinn, dass déi geplangte Projeten solle weidergefouert ginn

Net zu lescht de Fait, dass mir eis gréng Akzenter an Doleancen an dësem Budget rëmfannen

bréngen déi gréng dozou dësem Budget zouzestëmmen.

Och engem méiglechen Emprunt kënne mir aus all deenen opgelëschten Grënn zoustëmmen insofern dësen dozou genotzt gëtt fir nohalteg an intergenerationell Projeten ze finanzéieren.